piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Busnetz zu Lëtzebuerg gëtt vum Lëtzebuerger Staat iwwert den RGTR organiséiert. Am System vum RGTR vergëtt de Staat, iwwer Konzessiounsverträg, ee Groussdeel vun de Busstrecken u Privatfirmen.
Aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1932 geet ervir, dass hei eng Busfirma (*Voyages Emile Weber Sàrl)* dee gréissten Deel u Buslinnen a Kilometeren vum Staat zougesprach krut. Wann een dozou nach den Deel vu WEmobility (Voyages Zenners) dobäirechent (nämmlecht Bénéficiaires effectifs), dann ergëtt d'Bild, dass ee Bénéficiaire effectif ronn 40% vun de Buslinnen a gefuerene Kilometer ofdeckt an dëst fir een Gesamtmontant vu ronn 240 Milliounen Euro fir d'Joren 2022–2024, wat ronn 50% vum Gesamtmarché ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill ëffentlech Ausschreiwungen beim Mobilitéitsministère goungen zënter 2020 un d'Firmen Emile Weber an WE Mobility?
2. Wat ass de Gesamtmontant pro Joer u bezuelte Gelder zënter 2020, déi un dës Firmen ausbezuelt gouf?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés